Lëtzebuerg, den 12/04/2023

**Communiqué**

**Am Gesetz vun 2008 zum Sujet „Taxe canine", op lëtzebuergesch "Hondssteier", ass festgehalen, dass all Gemeng all Besëtzer vun engem Mupp mat 10 Euro besteiere muss. Eng gemeinsam Äntwert vun der vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an der Madamm Finanzministesch, Yuriko Backes, op eng parlamentaresch Fro vum Deputéierte Marc Goergen huet gewisen dass dës Steier zu Lëtzebuerg op ganz ënnerschiddlech Manéier applizéiert gëtt.**

D´Äntwert op d'parlamentaresch Fro weist eng grouss Variabilitéit. Esou leien d´Montante fir den éischte Mupp tëschent 12€ a 60€, fir den zweeten tëschent 0€ a 55€, fir all weidere Mupp tëschent 0€ an 100€. Eng Famill mat 3 Hënn muss laut offiziellen Donnéeën z.B. an der Gemeng Préizerdaul 200 Euro pro Joer bezuelen.

Dozou d'Mandy Arendt, Co-Spriecherin vun de Jonke Piraten:

> *„Et besteet eng Willkür wéi dës Steier applizéiert gëtt. Weder sinn d´Critère bekannt no deenen de Montant vun der Steier berechent gëtt, nach kann een dovunner ausgoen dass dës Recetten och ëmmer integral am Interêt vun de Muppe genotzt ginn".*

An eiser Optik ass e Mupp keng finanziell Laascht fir eng Gemeng mee ee perséinlechen a wichtege Begleeder, e Familljemember. Anescht formuléiert: Et ass en Awunner an der Gemeng! Dofir fuerdere mir Jonk Piraten dass dëser net objektiver an net transparenter Willkür en Enn gesat gëtt an der Roll vum Hond an eise Gemenge Rechnung gedroe gëtt.

D'Mandy Arendt dozou:

> *„De Mupp ass e feste Bestanddeel vun eiser Gesellschaft an d´Hale vun engem Mupp dierf deementspriechend net finanziell bestrooft ginn".*

Mir Jopis fuerderen deementspriechend dass d´Muppesteier aus dem Gesetz vun 2008 gestrach gëtt an d'Infrastrukture fir de Mupp e ganz normalen Deel vum Budget vun enger Gemeng ginn, ouni dass ee Stot steierlech dofir bestrooft gëtt wann een seng Famill em e weidere Member vergréissert.

**Respektéiert de Mupp an seng Besëtzer an haalt op finanziell vun hinnen ze profitéieren!**